N°4207
Entrée le 08.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Déi laténgesch Sprooch an déi domat verbonne klassesch Kultur spillen eng wichteg Roll fir d'Verständnis vun der europäescher Geschicht, Philosophie a Sproochentwécklung. Obwuel Latäin weiderhin am Enseignement secondaire classique verankert ass, gëtt an der ëffentlecher Debatt reegelméisseg d'Fro opgeworf, ob d'Bedeitung vun dësem Fach am Verglach mat anere Formatiounsberäicher ofhëlt, och wann eenzel Lycéeën de Latäin-Unterrecht aktiv promouvéieren.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi bewäert den Här Minister d'Entwécklung vun der Roll vum Latäin am Lëtzebuerger Schoulsystem an de leschte Joren? Op Basis vu wéi enge pedagogeschen oder statisteschen Indicateure kënnt den Här Minister zu dëser Bewäertung?
2. Wéi vill Schüler besichen aktuell zu Lëtzebuerg de Latäin-Unterrecht, a wéi vill Vollzäit- respektiv Deelzäit-Léierpersoune ginn an dësem Fach aktuell an de Lycéeë beschäftegt?
3. Kann den Här Minister déi entspriechend Zuelen no Schouljoer fir déi lescht zéng Joer opstellen?
4. Wéi vill Klassen am Enseignement secondaire classique konnten an de leschten zéng Joer net opgemaach oder net weidergefouert ginn, well net genuch Aschreiwunge fir de Latäin-Cours virlouchen?
5. Wéi eng konkret Moossname sinn aktuell virgesinn, fir de Latäin-Unterrecht an den Interessi fir klassesch Sproochen a Kultur an de Lycéeën ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4207 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup**

**1. Wéi bewäert den Här Minister d'Entwécklung vun der Roll vum Latäin am Lëtzebuerger Schoulsystem an de leschte Joren? Op Basis vu wéi enge pedagogeschen oder statisteschen Indicateure kënnt den Här Minister zu dëser Bewäertung?**

**2. Wéi vill Schüler besichen aktuell zu Lëtzebuerg de Latäin-Unterrecht, a wéi vill Vollzäit- respektiv Deelzäit-Léierpersoune ginn an dësem Fach aktuell an de Lycéeë beschäftegt?**

**3. Kann den Här Minister déi entspriechend Zuelen no Schouljoer fir déi lescht zéng Joer opstellen?**

**Ad 1) bis 3)**

Den Tableau hei drënner weist d'Entwécklung vun der Zuel vun Schüler déi an deene verschiddene Lycéeën e reguläre Latäinscours beluecht hunn. Net berücksichtegt goufen also Schüler, déi Latäin am Kader vun engem Optiounscours gewielt hunn.

| | | 2017/2018 | 2018/2019 | 2019/2020 | 2020/2021 | 2021/2022 | 2022/2023 | 2023/2024 | 2024/2025 | 2025/2026 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Enseignement national | AL | 166 | 169 | 157 | 152 | 135 | 121 | 115 | 105 | 113 |
| | ALR | 35 | 32 | 35 | 34 | 30 | 36 | 28 | 25 | 33 |
| | EPF | 17 | 17 | 16 | 17 | 18 | 17 | 15 | 8 | 7 |
| | LAM | 1 | 2 | | 1 | | | 1 | | 1 |
| | LAML | 77 | 65 | 44 | 53 | 46 | 62 | 52 | 50 | 62 |
| | LCD | 59 | 46 | 40 | 29 | 27 | 20 | 19 | 17 | 17 |
| | LCE | 48 | 47 | 53 | 47 | 40 | 45 | 56 | 38 | 32 |
| | LEM | 1 | 1 | 7 | 7 | 4 | 3 | 2 | 4 | 4 |
| | LESC | | | 8 | 16 | 20 | 23 | 14 | 15 | 15 |
| | LGE | 88 | 64 | 72 | 71 | 68 | 68 | 73 | 78 | 77 |
| | LGK | 1 | 1 | | 5 | 7 | 7 | 4 | 4 | 5 |
| | LGL | 95 | 89 | 79 | 69 | 72 | 79 | 76 | 77 | 77 |
| | LHCE | 55 | 46 | 42 | 36 | 33 | 29 | 33 | 33 | 42 |
| | LJBM | 31 | 27 | 27 | 29 | 32 | 30 | 30 | 27 | 26 |
| | LLIS | 8 | 7 | 4 | 3 | 2 | | | | |
| | LMA | 14 | 7 | 3 | 6 | 2 | 2 | 2 | | |
| | LMRL | 61 | 53 | 43 | 44 | 49 | 60 | 57 | 61 | 55 |
| | LN | 16 | 16 | 11 | 12 | 13 | 15 | 18 | 27 | 29 |
| | LNB | 27 | 29 | 29 | 20 | 24 | 27 | 23 | 21 | 18 |
| | LRSL | 46 | 47 | 36 | 24 | 21 | 21 | 17 | 23 | 25 |
| | MLG | | 7 | 8 | 13 | 9 | 7 | 5 | 7 | 4 |
| | NOSL | | 1 | 1 | 1 | | | 3 | 1 | 3 |
| | SLL | 1 | 1 | | | | | | | |
| Enseignem. europ. | EIDE | | | | | 65 | 69 | 62 | 54 | 51 |
| | EIGT | | | | | | 8 | 47 | 61 | 62 |
| | EIMAB | | | | | | 11 | 29 | 29 | 39 |
| | EIMLB | | | | | 15 | 12 | 13 | 12 | 15 |
| | LESC | | | | | 21 | 12 | 13 | 12 | 15 |
| | LLIS | | | | | 36 | 35 | 18 | 19 | 14 |
| | | **847** | **774** | **715** | **689** | **789** | **819** | **825** | **808** | **841** |

Dës Zuele weisen e liichte Réckgang am nationalen Enseignement, deiten awer net op drop hin, datt d'Latäin allgemeng u Bedeitung géif verléieren. Am ëffentlechen europäeschen Enseignement wiele reegelméisseg Schüler Latäinscoursen; et sief awer gesot, datt d'Majoritéit vun dëse Coursen sech op d'Klasse vun S2 an S3 konzentréiert.

De follgenden Tableau weist d'Zuel vun den Enseignanten, déi op d'mannst eng Leçon Latäin gehal hunn. Dës Zuele gi liicht erop.

| 2018/2019 | 2019/2020 | 2020/2021 | 2021/2022 | 2022/2023 | 2023/2024 | 2024/2025 | 2025/2026 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 45 | 39 | 45 | 54 | 61 | 52 | 57 | 56 |

**4. Wéi vill Klassen am Enseignement secondaire classique konnten an de leschten zéng Joer net opgemaach oder net weidergefouert ginn, well net genuch Aschreiwunge fir de Latäin-Cours virlouchen?**

Am Prinzip gëtt – grad wéinst der spezieller Bedeitung vum Latäin – all Cours organiséiert, fir deen en Interessi besteet. Do wou Schoulen am Kader vun engem Campus zesummeschaffen, kann et awer sinn, datt e Cours nëmmen an enger Schoul organiséiert gëtt. Verschiddentlech ass et virkomm, datt Schüler an esou engem Fall éischter mat engem Cours ophalen, wéi d'Schoul ze wiesselen. Et ass awer net méiglech, dës Fäll statistesch ze erfaassen.

**5. Wéi eng konkret Moossname sinn aktuell virgesinn, fir de Latäin-Unterrecht an den Interessi fir klassesch Sproochen a Kultur an de Lycéeën ze stäerken?**

A ville Schoule gëtt d'Promotioun vum Latäin aktiv bedriwwen, dëst beispillsweis iwwer Informatiounsversammlungen oder sougenannte Schnuppercoursen. Donieft spillt de Conseil de classe vun der 7e, respektiv der S1 eng grouss Roll andeems en de Schüler, am Kader vum Avis d'orientation, de Latäinscours ka recommandéieren.

Lëtzebuerg, de 13. Juli 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH